

Commune de Wormeldange Elections du 9 octobre 2011

ADAM épouse ECK Marie-Louise	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
FECHTER Klaus	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
HENGEL Max	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
PUNDEL Claude	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
STEFFEN Romain	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>

Är Stemm zielt!



Léif Mattbierger, wann dir Détailler zu iisem Wahlprogramm wëllt wëssen oder soss Froën un iis huet, zéckt nët Kontakt iwwert iis Homepage matt iis opzehollen.

Chers citoyens, n'hésitez pas à poser vos questions et à demander des renseignements éventuels sur notre programme électoral via notre site internet.

Caros eleitores, podem encontrar mais esclarecimentos ou mesmo enviar as vossas questões sobre o nosso programa eleitoral acedendo ao nosso site Internet.

méi Informatiounen
zu den Kandidaten an zum Programm fannt dir op
<http://www.walen2011.lu>

Är Kandidaten zesumme fir d'Gemeen



Mir proposéieren e Programm mat konkreten Ideeë fir d'Liewen an iiser Gemeen fir Eech all ze verbessern.

Mir sinn gewëllt Responsabilitéit ze iwwerhollen an een nau Dynamik an d'Wormer Gemeen ze bréngen, duerfir schenkt iis Äert Vertrauen den 9. Oktober.

1. Een familljen- an awunnerfrëndlech Gemeen

- Verbessert Infrastrukturen, besonnesch een Crèche
- Méi Ënnerstëtzung fir déi Jonk
- Méi een breed Offer fir eeler Matbierger

2. Een kohärent an transparent Bautepolitik

- Transparent a vereinfacht Regeln déi fir all Bierger d'selwecht gëllen
- Verkierzung vun den administrative Weeër
- Iwwerschaffe vum Bautereglement an der Besetzung vun der Bautekommissioun
- Bauen am Respekt vun den bestehende Konzepter vun Mobilitéit, Wunningsbau, Denkmalschutz, Industriezonen a Gréinflächen

3. Nohaltegkeet an alternativ Energien

- Nohaltegkeet bei allen Entscheedunge berücksichtegen
- Energetesch Sanéierung vun allen Gemengeninfrastrukturen
- Subside fir Privatleit déi energiebewusst Sanéieren

4. Alternativ Verkéierskonzepter

- Ausprobéiere vun innovative Verkéierskonzepter fir d'Liewensqualitéit vun den Awunner ze verbessern, dat am Respekt vun der Geschäftswelt

5. Kultur, Tourismus, Sport

- Valoriséierung vun der Veräinswelt
- Gezielt Investitiounen an Initiativen am Sënn vun Tourismus a Wäibau
- Schaafe vun eener oppener Konschtgalerie

6. Gemeenefusioun

- JO zu Gemeenefusiounen déi Sënn maachen an d'Qualitéit vun de Servicer um Bierger verbessern
- Zesummen mat den Awunner soll iwwert d'Fusioun diskutéiert an decidéiert ginn



ADAM ép. ECK Marie-Louise

57 Joar, bestued, 2 Kanner
Hausfra

Sekretärin vun "Gaart an Heem Wormer/Ohn"
Trésorière vum "3. Alter Rieslingsgemeen Wormer"

Als Familljemamm fillen ech mech haaptsächleg betraff vun soziale Wäerter. An deene leschte Joaren ass et mir ëmmer méi bewosst gin dat e bessert Zesummeliéwen an iiser Gemeen néideg ass. Iis Jugend, iis méi oder manner jonk Leit, iis auslännesch Awunner sollen een offent Ouer fannen vir all hier Froën a Suergen.



WORMER



OHN

FECHTER Klaus

62 Joar, bestued, 2 Kanner
Bankbeamten

Dorch main joerelaang Mataarbecht an eem Veräin si mir Saachen opgefall, déi méi Ennerstëtzung an Unerkennung vu Saiten der Gemeen verdingt hätten.

Fir d'Zukunft vun iiser Jugend an de Veräiner ze secheren muss an dësem Beräich haut schons virgesuergt a geplangt gin.



WORMERBERREG

HENGEL Max

34 Joar, bestued, 1 Kand
Politolog an Historiker
bäigeeuendeten Fraktiounssekretär vun der CSV
President BC Musel Pikes

Als politesche Beroder an der Chamberfraktioun vun der CSV, besonnesch dorch main Zoustännegkeet fir d'Innepolitik, kennen ech d'politesch Landschaft an d'Virgäng am Detail. Als jonken a begeeschterte Familljepapp weess ech wou mir mussen usetze fir d'Gemeen méi familljefrëndlech ze gestalten.

PUNDEL Claude

31 Joar

Gérant de sociétés an Direkter Ressources humaines
Gemeeneconseiller
President FC Koeppchen Wormer

An deene leschte 6 Joar als Conseiller hunn ech aktiv a konstruktiv um politeschen Debat an der Gemeen deelgeholl. Dorch main Beruff a main Formatioun am Beräich vum Management ass et mir méiglech komplex Dossier'en ze analyséieren an adequat Léisungen am Wuel vun der Allgemeenheet auszeschaffen an och duerchzesetzen.



WORMER



WORMER

STEFFEN Romain

52 Joar, bestued, 3 Kanner
Postbeamten
Comitésmember BC Musel Pikes

Dorch déi praktesch Erfahrung a méngem Beruff hunn ech vill Abléck a Sachen Infrastruktur a Stroossebau kritt, wat eng grouss Hellef bei der Planung vun neie Projetsen ass. Als aktive Sportler zielt Fairness, Solidaritéit, Gerechtegkeet an en oppen Ouer fir Jiddereen un éichter Platz, och bei méiglechen Décisiounen.